adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Eise Walprogramm – Dat Wesentlecht!

Lëtzebuergesch

D'Lëtzebuergescht:

- kritt en eegene Ministère fir Sprooch, Integratioun a Kultur;
- gehéiert och zur Méisproochegkeet, dofir gëtt ALL Formulaire vu Staat a Gemengen an den dräi Sproochen zur Verfügung gestallt;
- kënnt an d'Verfassung;
- gëtt als offiziell Sprooch an Europa unerkannt;
- mat gudde Kenntnesser ass eng Konditioun, fir d'Nationalitéit ze kréien;
- schwätzen a schreiwen ass eng Viraussetzung fir e Posten am ëffentlechen Déngscht;
- ass d'Integratiounssprooch am Enseignement, dëst op allen Niveaue vun der Crèche bis um Schoulofschloss;
- muss am Gesondheets- a Fleegesecteur geschwat ginn.

D'Lëtzebuerger Sprooch gëtt ënnerstëtzt duerch:

- staatlech Efforten, fir de Betriber ze hëllefen, d'Sprooch ënnert hire Mataarbechter ze verbreeden;
- méi Coursë fir der Demande nozekommen;
- d'Gemengen, déi iwwert d'Méiglechkeeten, fir Lëtzebuergesch ze léieren, informéieren;
- Broschüren (ewéi z.B. *100 Wierder Lëtzebuergesch)*, déi de Leit direkt beim Umellen hei am Land ausgedeelt ginn;
- d'Schreiwe vun de Lëtzebuerger Nimm vun Uertschaften, Stroossen a Gebaier op éischter Plaz.

E verantwortungsvolle Wuesstem

Logement

- D'Gemenge gi verflicht, 5% vun de Wunnengen op hirem Territoire fir sozial Mietwunnengen zur Verfügung ze stellen.
- De Plafong vun de Revenuen, fir d'Wunnengshëllef ze kréien, gëtt erhéicht an un de Mindestloun gekoppelt.
- Fir Stéit, déi d'Wunnengshëllef kréie kënnen, iwwerhëlt de Staat d'Biergschaft bei der Bank.

Mobilitéit

- Den ëffentlechen Transport gëtt gratis.
- D'Capacitéite vun der Eisebunn ginn ausgebaut.
- Fir méi Busser d'Stonn méi zouverlässeg fueren ze loossen ginn d'Busnetzer nei organiséiert.
- D'Nordstrooss gëtt op 2 x 2 Spuren ausgebaut an Diddeleng – Stengefort op 2 x 3 Spuren. De Boulevard de Merl gëtt gebaut ewéi och de Contournement vu Käerjeng, Dippech, Hesper an Iechternach.
- Mam onsënnegen an ideologeschen „Diesel-Bashing" gëtt opgehalen.

Gesond Staatsfinanzen

- Et gi keng Steier- an Taxenerhéijungen a keng nei Steieren oder Taxen.
- D'Steiertabell gëtt reegelméisseg un d'Inflatioun ugepasst.
- D'Steierklass 1a gëtt esou ugepasst, datt d'Ongerechtegkeete fir Wittleit a Leit, déi een oder méi Kanner en Charge hunn, ofgeschaaft ginn.

Pensiounen

- D'Pensioune ginn net gekierzt a kee muss méi laang schaffe goen.
- Den Taux vun de Cotisatioune muss diskutéiert ginn.
- Den Ajustement op de Pensiounsdeel, deen iwwer zweemol de Mindestloun läit, gëtt degressiv erofgesat.

Schoulpolitik

Méisproochegkeet: Si bedeit net, datt d'Lëtzebuerger Sprooch an der Schoul däerf vernoléissegt ginn.

Evaluatioun: Si geschitt nees iwwer Punkten an Zensuren, an am Secondaire däerf just ee Fach kompenséiert ginn.

Reliounsunterrecht: Et gëtt nees als Choix géintiwwer „Vie et société" agefouert.

Crèche a Precoce: Si benotzen nëmme Lëtzebuergesch als Ëmgangssprooch.

Primärschoul: Si kritt nees traditionell Schouljoren amplaz Cyclen.

Klassesche Lycée: Déi eenzel Sektioune musse flächendeckend am Land ugebuede ginn. Op all Sektioun gëtt wéinstens eng Stonn d'Woch fir d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur agefouert.

Allgemenge Lycée: D'Beruffswelt gëtt - iwwert d'Handwierkerkummer an d'Handelskummer - besser an de Beruffsunterrecht agebonnen.

FIR d'Famill ass FIR d'Kanner

Kannergeld: Et gëtt nees indexéiert an no Unzuel vun de Kanner gestaffelt.

Elteregeld: Gëtt un all d'Elteren ausbezuelt, un déi, – d.h. déi hir Kanner a Strukturen oder bei der Dagesmamm versuerge loossen, déi doheem bleiwen, fir hir Kanner selwer ze versuergen, an déi béid Optioune mëschen.

Den Elterendeel, deen doheem bleift, muss sech an der Pensiounskeess versécheren.

D'Elteregeld gëtt vun der Gebuert vum Kand u bis zu senger Aschoulung an de Secondaire ausbezuelt.

D'Elteregeld gëtt folgendermoosse gestaffelt: 1 Kand: 2.000 €, 2 Kanner: 2.750 €, 3 Kanner: 3.250 €. Fir all weidert Kand: 250 €.

Mammerent: Mammen, déi soss keng Pensiounsrechter hunn, kréien d'Mammerent nees vu 60 Joer un.

Migratiouns- an Asylpolitik

D'ADR suergt dofir, datt:

- d'EU-Baussegrenzen effikass geschützt ginn;
- d'international Konventioune strikt applizéiert ginn;
- am Beräich vum internationale Schutz eng human Politik agefouert gëtt an datt Leit, déi wierklech verfollegt ginn, gehollef kréien;
- d'Asylrecht eng national Kompetenz bleift, respektiv, nees gëtt;
- Staaten, déi hir Ressortissanten net zréckhuelen, Konsequenzen dofir droen;
- de Mëssbrauch vum Asylrecht an illegal Immigratioun (z.B. aus ekonomesche Grënn) net toleréiert an net erlaabt ginn;
- d'Gesetzer iwwert d'Awanderen an d'Openthaltsrecht strikt applizéiert gi bei Persounen ouni Openthaltserlaabnes;
- Leit, déi vu sech aus iwwer sécher Drëttstaaten op Lëtzebuerg kommen, hei keen Asyl kréien;
- den internationale Schutzstatus net mat enger permanenter Immigratioun verwiesselt gëtt.

D'ADR ass géint:

- eng europäesch Quotereegelung fir d'Verdeele vun de Migranten;
- all Politik, déi d'kriminell Praktike vu Schlepper a Mënschenhändler direkt oder indirekt ënnerstëtzt.

D'ADR ass fir:

- manner Migratiounsbeweegungen duerch Entwécklungshëllef, wirtschaftlech Kooperatioun an Diplomatie;
- eng Reegelung, mat där d'Demanden op Asyl esouwäit ewéi méiglech baussent dem EU-Gebitt entgéintgeholl an ënnersicht ginn.